N°3305
Entrée le 08.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Inneministère hat de Gemengen am Joer 2022 an der Circulaire n°4062 matgedeelt, dass si d'Bierger:innen bei Entscheedungen am Bréif mussen iwwert hir juristesch Méiglechkeeten opklären. D'Leit hunn d'Méiglechkeet, entweder geriichtlech géint d'Entscheedung vun der Gemeng virzegoen oder den Ombudsman anzeschalten, fir hinnen ze hëllefen.

(*Indication des voies de droit dans les décisions administratives refusant de faire droit à la demande de l'intéressé ou révoquant ou modifiant d'office une décision ayant créé ou reconnu des droits).*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann den Inneminister bestätegen, dass all d'Gemengen an hire Bréiwer op den Ombudsman opmierksam maachen, esou wéi d'Circulaire et virschreift?
   Falls nee, wéi vill Gemenge maachen et net a firwat net?

2. Ass et och an de Bréiwer bei de staatleche Verwaltungen esou, dass all Verwaltung an hire Bréiwer op den Ombudsman opmierksam mécht, esou wéi d'Circulaire et virgëtt?
   Kann d'Regierung ausschléissen, dass verschidde Verwaltungen dëst net maachen a falls jo, wéi eng sinn dat a firwat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés